'95er Inventur am neie Stater Musée

Enn des Joors gin Teimre voll an de Musée rageholl:

De Sonnebrëll vum Juliette Gréco,
vergiess op enger Bühn zu Wolz;
de Kazekuerf vum Germaine Damar,
e klengt Gedicht vum Anise Koltz.
Eng Béierfläsch, déi de Carreras
am Stadion getraff um Kapp;
eng Maquette vun der Calteux's-Festong,
a vum Béjart eng Balletsschlapp.

Dem Osterheld säi schéine Neger,
dem Simone Beck säin Telephon;
eng däusend onverkaafte Kaarten,
an Treinens Misch säi Saxophon.
Eng Dosen där geklauter Fuendlen,
en Trauertelegramm vum Pei;
an och nach zwou gespronge Seeten
vum Sophie Mutter sénger Gei.

Vum Olinger e Gruppebildchen,
mam Kätti Thull un engem Dësch;
Elektra-Schocks vun eisem Mikis,
a vum Fëschmaart dee leschte Fësch.
Eng Pudderdous vum Jessye Norman;
an eng Geschicht, bal ouni Enn,
verzielt iech d'Schicksal vum Frisoni,
mam Titel „Tragedy of man".

josy braun